



Resolutioun: Lëtzebuerg, prett fir déi Jonk? Wéi mir d'Zukunftsperspektive verbessere kënnen.

Jonk ze si war déi lescht Méint net ëmmer einfach. Mat villen Aschränkungen hu mir als Jonker misse liewen a konnte ville vun eisen Aktivitéiten a Formatiounen net méi esou nogoe wéi mir dat virun der Pandemie gewinnt waren.

Mir loossen dëst Kapitel hoffentlech elo geschwënn hannert eis a kënnen eis erëm op eis Zukunft konzentréieren. Als CSJ hu mir eis konkret Gedanke gemaach mat wéi engen Erausforderungen déi jonk zu Lëtzebuerg konfrontéiert sinn.

D'Bildungschancen an den Enseignement verbesseren

Mat déi wichtegst Ressourcë vun eisem Land sinn d'Wëssen an d'Kënnen, déi an de Schoule vermëttelt ginn. Mir brauchen dowéinst besser Bildungsofferen, déi onofhängeg vun der sozialer Hierkonft, fir jiddereen déi bescht méiglech Chancë bidden a gläichzäiteg et fäerdeg brénge jiddereen ze integréieren an ze sozialiséieren.

D'CSJ fuerdert dowéinst:

- Datt déi staatlech Schoul nees gestärkt gëtt an datt si weiderhin als Integratiounsplaz fir d'Lëtzebuenger Gesellschaft wouer geholl gëtt;
- D'IT- Ausbildung soll vum Fundamental u besser an de Schoulprogramm integréiert ginn. Insgesamt sollen am ganzen Enseignement méi Akzenter op Computer-based Skills gesat ginn;
- Laangfristeg méi kleng Klasse fir besser op de Besoin vun den eenzele Schüler kënnen anzegoen;
- D'Chancenongläichheet tëscht Mammesproochler an Net-Mammesproochler reduzéiert gëtt.
- Datt de Fundamental a Secondaire technesch hire Besoinen entspreichend vum Staat ausgestattet ginn. Zum Beispill müssen am Fundamental nach ëmmer d'Gemenge fir d'IT opkommen;
- Budget vum Ministère fir Kursivlektür bereet gestalt gëtt fir déi sozial Schwaach;
- Am Kader vum CEDIES, d'Studente verstärkt op d'Gefore vun enger ze grousser Verschuldung opmierksam maachen.



Handwierksberuffer endlech valoriséieren

De Mëttelstand zu Lëtzebuerg zeechent sech och duerch eist Handwierk aus. Mir wëssen, datt mir gutt ausgebildeten Handwierker queesch duerch all Berufsgruppe brauchen. Ze oft ass den Handwierkerberuff awer e Choix par défaut fir vill Schüler amplaz e Choix de vie. Mir fuerderen dowéinst:

- Datt mir d'Handwierksberuffer a besonnesch awer d'Ausbildung opwäerten andeems mir dem manuelle Know-how méi eng grouss gesellschaftlech Valorisation zoukomme loossen;
- Am Lycée Classique eng Sektoun fir technesch Beruffer aféieren.

Entrepreneuriat zu Lëtzebuerg méi staark ënnerstëtzen

Fir d'CSJ ass et awer och wichteg den Entrepreneursgescht ze fërderen. Net jidderee kann a soll herno bei de Staat schaffen goen. Mir fuerderen dowéinst:

- Datt e Modell agefouert gëtt, wou de Staat jonk Entrepreneur wärend enger gewëssener Zäit e Revenu garantéiert bis si op eegene Been stinn. Dëse Model kéinte mir eis folgendermoosse virstellen:
 - 1. Joer vun der Grënnung 100% vum qualifizéierte Mindestloun
 - 2. Joer vun der Grënnung 75% vum qualifizéierte Mindestloun
 - 3. Joer vun der Grënnung 50% vum qualifizéierte MindestlounD'Finanzhëllef géif iwwer 3 Joer bestoen, esoulaang de Break Even net erreicht ass. Bei der Selektioun vun de Projete soll net nëmmen ob Innovatioun gekuckt ginn, mee all Betrëbs-Grënner soll a priori kënnen ënnerstëtzt ginn. D'Auswiel soll duerch d'Préiwe vun der Seriositéit vum Projet (z.B. Business Plang) assuréiert ginn.
- De Programm vun de Minientreprises an de Schoule soll weider ausgebaut an encouragéiert ginn;
- De Prozess vun der Firmegrënnung weider vereinfachen an d'Administrativ Demarchen ob e minimum limitéieren;
- De One Stop Shop vum House of Entrepreneurship soll weider ausgebaut ginn.



D'Mental Gesondheet soll endlech serieux geholl ginn

Während de Méint vun der Pandemie hu vill Jonker missen op viles verzichten. Di Jonk konnten hir Frënn net méi gesi wéi si dat gewinnt waren, a sozial Aktivitéite sinn ausgefall oder waren a geschränkt. An dëse Méint ass ëmmer méi siichtbar ginn, wat an eiser Gesellschaft scho laang verbuerge war. Ëmmer méi Leit, a besonnesch déi Jonk, hunn mental ënnert dësem Zoustand gelidden. D'Weltgesundheitsorganisatioun WHO beriff sech am September 2021 op d'Zuele vun 2019 nodeems schätzungsweis eleng 280 Milliounen Leit weltwäit ënner Depressiounen leiden. Mir erneieren dofir nach eng kéier eis Fuerderung, datt mental Gesondheet vu jidderengem en elementaart Grondbedierfnis a kee Luxus dierf sinn.

- Als CSJ si mir dofir der Meenung, datt d'Thema vun der mentaler Gesondheet méi an eise Schoule muss thematiséiert gi vir schwéiere Verleef vu psycheschen Erkrankungen entgéint ze wierken. Déi bestoend Servicer a Programmer müssen dofir méi siichtbar a méi accessibel gemaach ginn. D'Schafung vun engem staatleche "Guichet fir Mental Gesondheet" ass an eisen Aen dofir vu grousser Wichtigkeit.
- Mir fuerderen d'Aféierung vun enger Noutfall-Hotline fir Betreffener wou si sech kënne melle fir déi néideg Hëllef ze kréien. Dës Hotline soll mat dem "Guichet fir Mental Gesondheet" verbonne ginn. A verschidden europäesche Länner goufen sou Modeller schon implementéiert, sou a Frankräich mat der Nummer 119.
- Säit Jore verhandelt Gesondheetskeess mat der Fapsylux iwwert de Remboursementer vu Visite beim Psycholog a Psychotherapeuten. An engem Gesetz vun 2015 ass dëst scho festgehale ginn. Bis haut ass et nach ëmmer net zu enger Eenegung tëschent den Acteuren komm. Mir maachen dofir nach eng kéier e waarmen Appell dës Verhandlungen esou séier wéi méiglech ofzeschléissen am Wuel vun eiser gesamter Bevëlkerung.

Méiglechkeete bidden fir nei Horizonter an Europa duerch Reesen ze entdecken

No zwee Joer Corona ass de Wee zeréck an eisen Alldag ouni Restriktiounen a fräi kënnen ze reesen eppes no deem sech vill Jonker seenen. D'EU huet den DiscoverEU Programm lancéiert dee virgesäit dass EU Bierger am Alter vun 18 Joer d'Chance kréien en Interrail-Ticket kënnen ze gewanne fir esou Europa mam Zuch kënnen ze entdecken. Als CSJ wëlle mir dëse Programm op nationalem Plang ausdeen. Mir fuerderen dowéinst:

- Datt all Jonken dee säin Ofschloss am Secondaire oder seng Berufsausbildung gepackt huet esou en Ticket geschenkt kritt fir Europa duerch d'Reesen ze entdecken.



Den Accès zu enger abordabeler Wunneng erméiglechen

Fir d'CSJ ass a bleift déi enorm Hausse vun den Immobiliëpräisser ee vun de gréisste Problemer fir Jonker hei am Land déi an hiert aktiv Berufsliewe starten. An dat net nëmme well et ëmmer méi schwéier gëtt sech seng eege véier Wänn hei zu Lëtzebuerg ze kafen oder ze lounen, mee och wëll déi aktuell Präisexplosioun Jonker an d'Aarmut dreift, der Kompetitivitéit vum Land schued a fundamental Gerechtegkeetsfroen opwerft. Dofir fuerdert d'CSJ:

- Datt d'Hëllef vum Staat prinzipiell méi geziilt dorop ausgeriicht solle ginn deene Leit ze hëllef déi hir 1. Wunneng kafen, amplaz deenen déi schonn hir 2. oder 3. Wunneng kafen;
- Datt alternativ Wunnforme wéi Colocatioun gefërdert ginn an net onnéideg duerch néi Gesetzer erschwéiert oder carrement verhënnert ginn - grad fir vill Jonker zu Lëtzebuerg ass eng WG an den éischte Jore wann si ufänken ze schaffen eng Méiglechkeet onofhängeg vun hiren Elteren zu raisonnabele Präisser zu wunnen;
- Nei steierlech Ureizer anzeféiere fir eeler Leit ze encouragéieren déi an en Altersheim oder an eng méi kleng Wunneng plënnere, hirt alt Haus ze verkafen oder ze verlounen;
- D'Reform vun der TVA mam taux réduit vun 3%, déi aktuell beim prix d'acquisition vun engem neien Haus applizéiert gëtt, mee op 50.000€ gedeckelt ass. Dee Deckel muss direkt op 150.000€ eropgesat ginn, fir mat der Entwécklung vun den aktuelle Präisser matzehalen. Nëmme esou kënne mir de Leit hëllef eng Wunneng fir den Eegegebrauch ze kafen. De selwechten Taux réduit vun 3% deen dem Propriétaire och zoustee fir Renovatiounen ze maache soll doriwwer eraus all 15 Joer erneiert ginn.
- De sougenannte bëllegen Akt, oder crédit d'impôt, vun aktuell 20.000€ bei de Frais d'enregistrement déi ee beim Kaf vun enger bestoender Wunneng bezilt, soll och direkt op 50.000€ eropgesat ginn.

Ugeholl um CSJ Nationalkongress 2022 zu Fluessweiler